Seul le discours prononcé fait foi

**Fête nationale 2023**

**Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg**

**Discours du Premier ministre, ministre d'État**
**Xavier Bettel**

Altesses royales,
Här Chamberpresident,
Léif Kolleegen aus der Regierung,
Dir Dammen an Hären Deputéiert,
Léif Vertrieder vun der Magistratur, dem Staatsrot an der Gemeng,
Exzellenzen,
Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Haut feiere mir eist Land, eis Vergaangenheet, eis Géigewaart an eis Zukunft. Op Nationalfeierdag denke mir un déi méi schwiereg Zäiten an eiser Geschicht, genee sou wéi mir eis Erfolleger zelebréieren. Déi lescht Jore ware vu béidem gepräägt, vu schwieregen Zäiten a Form vun enger Pandemie, Krich an Inflatioun, mee awer och vu Solidaritéit, Resilienz an Optimismus mat deene mir dës Krisen erfollegräich gemeeschtert hunn.

Mir hunn am Laf vun eiser Geschicht scho méi wéi eng Kéier bewisen, datt mir zesummenhalen, wann et drop ukënnt. Eis national Identitéit zeechent sech duerch eng aussergewéinlech Upassungsfäegkeet aus. Mir hunn als Vollek ëmmer rëm gewisen, datt mir Erausfuerderungen als Chance notzen, fir Transitiounen erfollegräich unzepaken.

Dës Identitéit ass fest verankert am „Lëtzebuerger Modell", dee sech duerch en institutionaliséierte Sozialdialog, stabil politesch Verhältnisser a soziale Fridden zanter bal engem hallwe Joerhonnert auszeechent. 1975 ass den 1. Tripartite-Konjunkturcomité an d'Liewe geruff ginn, mam Zil nei Perspektive fir dausenden Aarbechterinnen an Aarbechter ze fannen, där hir Aarbechtsplazen der Stolkris zum Affer gefall sinn.

Bannent kierzester Zäit, huet eist Land et deemools fäerdeg bruecht, eis Ekonomie nei auszeriichten, andeems mir eis Finanzplaz opgebaut hunn, fir esou eise Wuelstand nohalteg ofzesécheren. Dëst nodeems d'Stolindustrie bal ee ganzt Joerhonnert, déi ekonomesch Entwécklung vun eisem Land dominéiert huet.

Och haut, bal 50 Joer no der éischter Tripartite ass a bleift de Sozialdialog en eenzegaartegen Tromp an der Erfollegsgeschicht vun eisem Land. Dräi erfollegräich Tripartitte bannent engem Joer schwätzen eng däitlech Sprooch a beweisen, datt mir zesummen all Kris meeschtere kënnen.

Dës gëllt och fir déi Erausfuerderungen, mat deene mir haut an an Zukunft konfrontéiert sinn. De Klimawandel, de Krich an der Ukrain an d'Präisdeierecht sinn nach ëmmer eng Realitéit. Mir stinn op en Neits virun enger enormer Transitioun. Wa mir och dës Erausfuerderungen erfollegräich ugoe wëllen, da musse mir de néidege Courage an déi néideg Wäitsiicht behalen an eis zréck besënnen op d'Stäerkt vum Lëtzebuerger Modell.

Mir Lëtzebuerger wëssen, datt eng Kris e Motor vu Fortschrëtt ka sinn.

De schreckleche Krich an der Ukrain zum Beispill huet en direkten Impakt op eis Energieversuergung. Gas- an Uelegquelle ginn als geopolitescht Drockmëttel géint Europa mëssbraucht. Mir loossen eis awer net erpressen a notzen dës Situatioun vill méi als Momentum fir déi batter noutwenneg Transitioun op erneierbar Energien ze acceleréieren an esou de Klimawandel besser ze bekämpfen.

Mir wëllen dës grouss Erausfuerderungen zesumme mat de Biergerinnen a Bierger ugoen. Nieft dem Sozialdialog ass d'Biergerbedeelegung bei de grousse politesche Froe vun eiser Zäit e wichtege Schlëssel zum Erfolleg. Dëst gëllt och fir d'Klimakris, déi eis alleguerten eppes ugeet. Schonn haut spiere mir d'Konsequenze vun der Äerderwiermung a Form vun Drécheperioden an Iwwerschwemmungen. D'Visioun vun enger Zukunft mat propperer Loft, erneierbaren a bezuelbaren Energien an enger weiderhin héijer Liewensqualitéit ass eng gemeinsam Verantwortung.

Haut op Nationalfeierdag besënne mir eis och op eis Wäerter. Mir liewen zu Lëtzebuerg an engem fräien a demokratesche Land. Mir sollen eis op engem Dag wéi haut besonnesch bewosst sinn, wat e fir e Privileeg et ass, a Fridde liewen ze kënnen. D'Wichtegkeet vun dëse Wäerter kréie mir virun Ae gehalen, wann mir gesinn datt des Prinzippien op anere Plazen an der Welt, a souguer an Deeler vun eisem europäesche Kontinent, mat Féiss getrëppelt ginn. Mir däerfen ni vergiessen, datt dës Wäerter net selbstverständlech sinn. Mir musse si am Alldag liewen a verdeedegen.

Den Héichpunkt am Kalenner vun all Demokratie ass d'Organisatioun vu fräie Walen. Och dëst ass nach laang net an all Land garantéiert, dat sech selwer als demokratesch bezeechent. Zu Lëtzebuerg organiséiere mir dëst an d'nächst Joer bannent 12 Méint direkt 3 Walen. D'Gemengewalen hu mir schonn hannert eis, am Oktober dëst Joer a Mee d'nächst Joer stinn d'Chamber- an Europawalen un. Op dëse wichtege Rendez-vouse wielen d'Biergerinnen a d'Bierger hir Vertrieder op lokalem, nationalem an europäeschem Niveau. Et ass mir wichteg op dëser Plaz deene villen dausende Leit Merci ze soen, déi mat hirem Engagement derfir suergen, datt eis demokratesch Institutioune weiderhi gutt funktionéieren. Dëse Merci gëllt net nëmmen de Leit, déi duerch hir Kandidatur bereet waren, fir hir Gemeng an hiert Land politesch Verantwortung ze iwwerhuelen. E gëllt och de ville Mënschen am Hannergrond, sief et de Fräiwëllegen an de ville Walbüroen oder de Beamtinnen a Beamten déi un de Virbereedungsaarbechte bedeelegt sinn, ouni déi mir keng fair a fräi Walen organiséiere kéinten.

Eis demokratesch Institutioune fonctionéieren an evoluéieren zesumme mat eiser Gesellschaft. Mat eiser neier Verfassung, déi d’nächst Woch a Kraaft trëtt, garantéiere mir, datt och eist Grondgesetz Schrëtt hält mat der gesellschaftlecher Entwécklung. Déi nei Verfassung ass en Text vun de Bierger a fir d’Bierger, déi aktiv an d’Ausschaffe mat agebonne goufen. Dëst ass e Verdéngscht vun der Chamber.

Ech wëll vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir dem Chamberpresident, dem Fernand Etgen, mäin déifste Respekt auszedrécken, fir déi Aarbecht, déi hien, zesumme mat senger ganzer Ekipp, an de leschte Jore geleescht huet. Hien huet et fäerdeg bruecht, datt d’Chamber, eisen éischte Pouvoir, net virun engem Virus an d’Knéie gaangen ass. A villen anere Länner op der Welt, ass déi parlamentaresch Aarbecht wärend der Pandemie staark ageschränkt ginn. Net esou zu Lëtzebuerg. No engem kuerzen État de crise huet all Covid-Gesetz déi normal legislativ Prozedur duerchlaf. Datt d’Chamber et trotz alle Krise fäerdeg bruecht huet, déi normal parlamentaresch Aarbecht net leien ze loossen, ass en enorme Verdéngscht, op deen Dir houfreg kënnt sinn, Här Chamberpresident. Ech soen Iech aus déifstem Häerz Merci fir Ären Asaz!

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Fir ofzeschléissen, loosst mech och Iech alleguer Merci soen. Déi Solidaritéit déi Dir déi lescht Jore gewisen hutt, huet mech impressionéiert, a bestëmmt mech net eleng. Mir hunn net just eng, mee direkt e puer Krisen zesumme gemeeschtert. Haut kënne mir endlech erëm mat Optimismus an d’Zukunft blécken.

Nationalfeierdag symboliséiert an enger gewëssen Hisiicht e Liichtbléck, deen eis och a schwieregen Zäiten Hoffnung gëtt. Haut weise mir eis als Land vun eiser beschter Säit: als fräit, onofhängegt a solidarescht Vollek.

An dësem Sënn wënschen ech Iech alleguer an Äre Léifsten e schéinen an onbeschwéierten Nationalfeierdag!

Vive eise Grand-Duc,
Vive eis groussherzoglech Famill,
Vive eist Land